N°1649
Entrée le 17.12.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet a vun der Madamm Justizministesch op d'parlamentaresch Fro n° 1649 vum 11. Dezember 2024 vun den honorabelen Deputéierten Här Charles Weiler an Här Jean-Paul Schaaf.**

Aleedend sief präziséiert, dass et sech an dësem Fall net ëm eng verurteelte Persoun handelt, wéi an der parlamentarescher Fro ernimmt, mee ëm eng Persoun déi opgrond vum Artikel 71 vum Code pénal als scholdonfäeg deklaréiert gi war, an duerno am Kader vun engem “Placement judiciaire” an de CHNP placéiert ginn ass opgrond vum Gesetz vum 10. Dezember 2009 iwwer d’Hospitalisatioun géint hiert Averständnes vu Persoune mat mentale Stéierungen.

*1. Wéi konnt et zu dëser Flucht kommen?*

Déi concernéiert Persoun, déi am Kader vum Behandlungsoptrag vum CHNP als Patient an der „Hospitalisation longue durée psychiatrique“ en charge geholl ginn ass, war op enger accompagnéierter an autoriséierter Sortie, sou wéi dat am uewe genannte Gesetz vum 10. Dezember 2009 virgesinn ass. Zu engem bestëmmte Moment ass déi Persoun fortgelaf an huet sech domat der Awierkung vum begleedende Mataarbechter vum CHNP entzunn.

*2. Mat wéi enge Mesurë sollen esou Virfäll an Zukunft evitéiert ginn?*

Accompagnéiert Sortië vu Patiente sinn en Deel vun der therapeutescher Missioun vum CHNP, déi och vir déi Patiente gëllt, déi am Kader vun engem “Placement judiciaire” am CHNP internéiert sinn.

Déi Prozeduren, déi am Kader vun där Missioun appliziéiert ginn, sinn natierlech drop ausgeriicht, dass esou Fuguen net solle geschéien. Am Fall vun enger Fugue vun engem Patient gëtt dann och analyséiert, wéi et zu der Fugue komm ass. An dësem Fall konnt dat nach net gemaach ginn, well déi Analys d’Präsenz vum Patient am CHNP viraussetzt, an och eng gewëssen Zäit an Usproch hëlt.

Et sief awer hei präziséiert, dass bei geféierlechen a fluchtgefährdete Patienten d’Prozeduren en Ausgang nëmmen just an engem sécuriséierten, also zouenem Bannenhaff um Areal vum CHNP erlaben.

*3. Ass d'Regierung a Planungen un enger securiséierter Ënnerbréngung vun Täter mat psychiatreschem Hannergrond an enger Abteilung am Prisong zu Schraasseg?*

*4. Wa jo – wou sinn dës Aarbechten drun?*

Jo, d'Planunge fir de Bau vun der UPSJ ("Unité de Psychatrie Socio-Judiciaire") um Site vum Prisong zu Schraasseg sinn amgaangen, mee am Moment kënnen nach keng verbindlech Datumen avancéiert ginn.

Et sief awer nach drop higewisen, dass déi Fugue ëm déi et an der parlamentarescher Ufro geet näischt mat der Infrastruktur selwer ze dinn huet, well de Patient net aus dem CHNP ausgebrach oder fortgelaf ass, mee op enger Sortie ausserhalb vum CHNP eng Fugue gemaach huet.

Lëtzebuerg, den 17. Dezember 2024

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez